FGFC ASAM
Groupement d'intérêts
Agents municipaux

ASAM INFO – Januar 2023

Kolleeginnen an Kolleegen,

Wärend op villen Gemengen néi Policereglementer ausgeschafft bzw. déi bestoend adaptéiert ginn fir déi néi administrativ Strofen (SAC) ze integréieren an Proximitéitsservicer ze kreéieren hunn mir zesummen mat den Vertrieder vun Police, Parquet, Waasser Verwaltung an der Veterinärsinspektioun eng vun deenen wichtegen néien Formatiounen opgestallt:

La recherche et la constatation des infractions et les dispositions pénales y afférentes.

Bis zu 160 Leit kennen un der Formatioun déi 3 mol een hallwen Dag dauert deelhuelen (20ten 24ten an 27ten Februar):

https://fonction-publique.public.lu/fr/formation-developpement/catalogue-formations/secteur-communal/00formini/00-fs-co/co_00-2-040.html

---

Den INAP ass am Moment eng néi Oplag vum Self-Defense Cour mat méi klengen Gruppen awer manner Stonnen virzebereeden. Et gëtt probéiert een Dojo am Norden ze fannen an een am Zentrum – wann är Gemeng sollt Kapazitéiten hunn loosst eis (bzw. den INAP) et wëssen.

Mir schaffen zur Zäit och un enger néi Oplag vum CdR Cour.

Den 2. Februar sinn mir an der Commission centrale fir déi sëllegen Baustellen ewéi d'Harmonisatioun vun den C an D Carrièren an den néien Gehälter Accord virun ze dréiwen.

Mir hunn beim Conseil d'État nogefrot wou den PRGD zu eiser Carrière prozedural drun wier an kruten geäntwert den Staatsrot wier den 15 Juni 2022 mam Dossier 61.060 saiséiert ginn.

Dir erënnert iech sécherlech un Folgendes aus dem ASAM Info vun Dezember 2022:

Mir hunn eis virgeholl am Januar 2023 een Video ze maachen wou mir Froen beäntweren déi dir eventuell nach hutt an déi mir nach net op enger Anerer Plaz beäntwert hunn.

Dir kennt eis är Froen bis Enn des Joers op steve.hatto@fgfc.lu schécken.

Genau eng Fro koum eran. Mir hunn trotzdeem vir een Video maachen – hunn et awer wéinst der modester Nofro op eiser Prioritéitenlëscht no ënnen geréckelt.

Bleift gesond an passt gutt op Iech an är Léifsten op.

FGFC-ASAM

Bureaux : 66, rue Baudouin L-1218 Luxembourg
621417535
Adresse postale : 66, rue Baudouin L-1218 Luxembourg
asam@fgfc.lu
www.fgfc.lu